

Gemeinsam Stellungnam zum Budget rectificié 2023 an zum Budget 2024

Fir déi gréng Mamer
Lea Vogel, Djuna Bernard an Adèle Schaaf

Här Buergermeeschter,

Madamm, Dir Hären aus dem Schäfferot,

Dir Damen an dir Häre Conseilleren,

Fier op e grouse Merci un all d'Bedeelegten, a fir op dem Här Bontemps, beim Erstellen vun dësem Budget. Besonnesch an engem turbulenten a wiesselhafte Joer wéi dësem ass dat ganz sécher keen einfachen Exercice a mir appreciéieren di ausféierlech Analysen an d'Dokumenter déi mer krit hunn a wou mer och genuch Zäiten haten fir eis mat dësen auserneen ze setzen.

Mir kruten vun der Majoritéit e Budget fir geluecht, dee e Budget vun der Kontinuitéit ass. Et ass e Budget vun der kontinuéierlecher Verschéinerung vu Mamer – mee ouni laangfristeg an nohalteg Zukunftsvisionen an Akzenter fir eis Gemeng.

Léiw Kolleginnen a Kolleegen,

Mir all haten jo vill Zäit um Chrëschtmaart, beim Kleeschen an op sëllege Verainsevenementer an der Gemeng verbruecht . Do spiert een jo ganz gutt de Bols vun der Zäit. D'Gedanke vun der Biergerinnen a Bierger – fir déi mir jo alleguer hei Politik maachen.

Eppes wat ech iwver déi läscht Joren ëfters héieren hunn:

- “oh wat si mer awer verwinnt hei.“ –

- „Et gött naicht wat et an der Gemeng Mamer net gött“ –

- „Alt erëm en Event dobäi“.

- „Brauche mer da wierklech hei e Park vun Attraktiounen an non stopp Animatioun?“

Vu wäit hier lackelt d'Gemeng Mamer d'Leit un – dofir gëtt fläisseg Reklamm geschalt um Radio an an den Zeitungen – mir hunn och ëmmer hin eng 5 kääppeg Komm Ekipp fir all déi vill flott Animatiounen dann och ze dokumentéieren.

Wat ech awer dëst Joer besonnesch vill héieren hunn

- „Muss dat da sinn? Wei vill kascht dat d'Gemeng? Hu mer net scho Scholde genuch?“

Mir sinn ënnert de meescht verscholdesten Gemengen aus dem Land fir dee ganze Pomp u Luuchten, Museker, gëlle Festsäll an engem Event um nächste wou mer eis sulues alleguer Konkurrenz maachen? Wee soll dat da bezuelen?

A genee dat ass et- Wee soll dat bezuelen?? Ech soen iech et – déi nächst Generatiounen müssen et. An dat well mir , nee pardon DIR iech vu Joer zu Joer iwwertrompe wëllt.

Wéinst der **Covidkrise an dem Ukrainkrich** an duerch eng generell Praissdeiercht, sinn d'Depensen an d'Luucht gaangen. Des Zomme gett eleng op 13 mio méi Käschte geschat, wou bäi een direkt kann bemierken dat een scho no der Covidkrise eng méi virsiichteg Finanzpolitik hätt kënnen ëmsetzen.

Eise Budget wéisst dann och eng **kontinuell steigend Schold** , a spéitstens beim Gesamtbetrag vun der Gesamtschold di fir Enn 2024 bei 130,72 Millioune leit sollen all Alarmklacke lauden:

Den Totalinvest beleeft sech op 138 Mio fir 2023 an 2024, Depensen klammen , par contraire geet den Iwwerschoss am ordinäre Budget erof: → dësen war 2023 bei 11,1 mio an 2024 bei 10,1, zanter 2017 ass dësen Iwwerschoss bei 11,57 mio an der Moyenne.

D'Annuitéite belafen sech op 8,5 mio fir 2024, dëst ass 4 mol méi héich wéi 2014!!! D'Scholdelaascht beleeft sech op 14,7 %, mir stéieren rasant op di maximal zoulässege Uewergrenz vum Inneministère zou vun 20 %

Eis Gemeng ass an den Top 3 vun de meescht verschëlten Gemengen. Nee et kann een net Äppel mat Bierer vergläichen, an eng punktuell Schold wär jo nach ze verkraaften – mee ëmmer weider sech ze verschëlden amplaz d'Schold ofzebauen – wär eiser Meenung wuel éischer de richtegen Reflex gewiescht.

Och beim **Wuesstem vun den Awunner heescht Devis Kontinuitéit**, woubäi mir den héischen Wuesstem vun eiser Gemeng ganz kritesch gesinn:

Mamer leit kontinuéierlech méi héich wéi de nationalen Duerchschnitt, ganzer 2,1 % méi Bevëlkerungs-Wuesstem an eiser Gemeng am Joer 2023 wéi am Recht vum Land.

Mee dësen Zouwuess ass finanziell ganz interessant, wéi et och an dëser Budgetpresentatioun festgestallt gi ass: 1420 Awunner bréngen 5,2 Milliounen méi an d'Gemengekeess: all neie Bierger bréngt an Termen vun staatlecher Ënnerstëtzung 3 700 Euro.....an dann di méi batter Pell 11 460 Euro Schold op de Kapp fir Enn 2024..... ee geféierlecht Ongläichgewicht.

Méi Awunner heescht méi Schoul, Opfang an Sportinfarstrukturen, awer och méi een héijen Flächeverbrauch- mat 3,4 ha pro Joer leit eis Gemeng 2/3 iwwert dem Seuil den de Landesplanungsministere fir eis Gemeng virschreift- an domadder si mir bei eisem Haaptuleies respektiv der grousser Fro wou mer weder an der Schäfferotserklärung nach an dësem Budget eng Äntwert kritt hunn:

Wou steiert eis Gemeng hin? wat sinn Zukunftsperspektiven an 20 bis 30 Joer? Wéi garantéieren mir eise nächsten Generatiounen eng liebenswäert Ëmfeld? Wéi eng Visioun huet d'Gemeng Mamer vun hirer Entwécklung, hirer Identitéit, hirem Nohaltege Selbstverständnis?

Dëse Budget ass e Sinnbild fir enorm Ausgaben an den Infrastrukturen – verschidder duerch gerechtfäerdigt, anerer einfach iwwerdriwwen. Legitiméieren, ditt der dat duerch de Wuesstem. Mee deen, ass haugemaach an offensichtlech gewollt a gefërdert vun dëser Majoritéit säit iwwer 20 Joer. A sou dréie mer an der Spiral ëmmer méi erop, a well keen vun iech iergendwou zréck schrauwe well, manner Suen ausgi well, weess gott villäicht Aspuerungen well maachen – nee mir sinn jo awer elo un den Alice Hartmann Crémant op den offizielle Pätt gewinnt – sou stéiere mer riicht weider an d’Verschëldung vun eiser Gemeng.

A verstitt eis w.e.g. hei ganz richtig : et ass keng A fro Stellung vun engem Investissement. Et ass och net a Fro stellen vun engem flotten an attraktivem Duerfliewen. Et ass de Glanz an de Gloria – versennbildlecht vum Gëllebau – euh pardon dem gëllenen Wellebau an dem grell erlichtetem Duerfkär deen ee gefillt esou guer vum Mound aus gesinn.

An et ass virun allem de Widdersproch mat enger feelender Visioun fir d’Nohaltegkeet an eiser Gemeng. D’Nohaltegkeet am breede Sënn: Vun der Klima an Ëmweltpolitik, iwwer Verkéierskonzepter déi aneneen gräifen, zur enger nohalteger Sozialpolitik.

Mee awer och eng ambitiéis Logementspolitik fir déi nächst Generatiounen: mat alternative Konzepter, reellem Ownership vun der Gemeng – de wëllen fir Virreider ze sinn mat flotte Konzepter, amplaz dass mer zeguer vun der Majoritéit héieren dass aner Gemengen dach do flott Saachen gemaach hätten – op mir dat net villäicht nomaache kennen?

Ma kommt mer sinn déi éischt Gemeng déi e vun der Gemeng bedriwwent Méigeneratiounenhaus opmécht a verwalt? Komm mer sin déi Gemeng déi Wunnensbaugenossenschaften aktiv ënnerstëtzt mat Terrainen an Know-How.

Bei der Maison de la Citoyenneté huet et jo och geklappt – a wéi houfereg si mer haut alleguer op dëse Fierreiderprojet – deen et gëllt net nëmme Raimlech mee och personell auszebauen !

Hei wär mat méi Ambitioun, méi Visioun a villäicht eng grimmel manner Protz – méi dra fir eis schéin a liebenswäert Gemeng.

A punkto Nohaltegkeet, feelt et u Visioun an och dat bemängele mer JOER fir JOER. Jo mir maache bei alle Pakte mat – mee ganz éierlech: éischer hallefhäerzeg an deemno si mer och do iergendwou am Mëttfeld am Verglach mat anere Gemengen. Wou bleift d'Ambitioun fir hei Virreider ze sinn – fir eng CO2 Neutral Gemeng ze gi, fir Moyenen, Manpower an Innovatiounsgeescht an des Kaderen ze stiechen. Et scheitert doru well d'Majoritéit eng Majoritéit ass déi léiwer Verwalt wéi Virreider ze sinn. An léiwer Gelder a Prestigebauten an Eventer stécht wéi an d'Nohaltegkeet.

Jo, eis Gemeng gött nach ëmmer am Beräich vun de Publicatiounsfrais'en an de Fester an der Moyenne di lescht 2 Joer ronn 2 Milliounen aus, dëst sinn 3 mol méi wéi de Montant vu 675 000 Euro fir Klima an Naturpark zesummen am selwechten Zäitraum. Dat gött eis ze denken.

Léif Kolleeginnen a Kolleeginnen,

Fir d'Zil vun 1,5-Grad Äerderwärmung global nach kennen ze halen, müssen d'Zäregas-Emissioun séier a massiv reduzéiert gi- och hei zu Lëtzebuerg. Dat seet de President vum Observatoire de la politique climatique , de Klimawissenschaftler Andrew Ferrone.

Dees weidere wäisst hien drop hin datt „, et ganz kloer ass datt di nächst fënnef Joer absolut decisiv sinn. Dat heescht am Fong muss een op all Mesurë schaffen an et muss ee schnell schaffen.

An anere Wieder gelt dëst natierlech och um Niveau vun de Gemengen:

Wann een all klimarelevant Moosnamen analyséiert ass ee séier doduerch:

- 1) eng PV Anlag um Site vum Kinneksbond fir e Gesamtinvest vun 2 250 000.-
- 2) d'Cogeneratiounsanzlag;

3) Zousätzlech Bornë fir Elektroautoen a Prise en Charge vun den Abonnementer vum Vel'oh;

Mee ëmmer wa mer iech mat dëse groussen Défis'en konfrontéieren dann héieren mer schnell en „Jo“ an direkt drop en „Mee“ – e mee wat soen d'Leit dozou, en mee zu de Prozeduren, de Reglementer, de sëllegen Hürden déi dir gesitt, fir nëmmen net ambitiéis ze sinn.

JO.MEE...dann och am Klima a Naturschutz, méi ernüchternd sinn folgend Fakten:

1) Bei der Etude de faisabilité fir eng **Wandkraaft** geet de Kredit vun 2023 vu 50 000.-€ op 0 gesat fir dat nächst Joer; idem fir PVanalgen am Kader vum Klimapakt ?

2) Fir **de Klimapakt** waren dëst Joer 500 000.- virgesinn- do ass wéi all Joer weder am Libellé vun dësem Artikel iergendeng eng Erklärung firwat des Sue virgesinn sinn? Nach wat Depensen am **Naturpakt** betreffen: do waren dëst Joer 150 000. € als Kredit an dat nächst Joer 300 000.- , virgesinn och dëst bleift eng Fierwelstuut.....een Zeechen datt des Majoritéit kee konkrete Plang huet wat si an dësen zwee ganz wesentleche Beräicher wëll ëmsetzen!

D'Agenda vum Klimapakt ass gutt gefällt, mir fueren awer wieder mat enger Navigatioun à vue nom Motto „, da kucke mir mol wat eventuell méiglech ass dëst Joer?“:

Esou sinn am Januar dëst Joer am Gemengerot eng ganz Rei vu Moosnamen gestemmt ginn, wéi d'Optimisatioun vum Enercoach, wie d'Erstellen vun engem energeeteschen Assainissementskonzept vun eiser Gebaier, fir e Konzept ze erstellen fir eis Gréngflächen ökologesch ze bewirtschaften an fir d'Effekter vum Klimawandel ze reduzéieren an insgesamt d'Attraktivitéit vun eisen öffentlechen Plazen duerch méi Gréngs asw ze verbessern;

Am Mee dëst Joer huet de Klimaberoder e Klimaupassungskonzept a Klimaplang virgestallt: d'Auswierkungen vun klimarelevanten Risiken wéi de Starkreen an d'Caniculen si veranschaulicht gi , jo des sinn och an eiser Gemeng ukomm!

Et ass festgehale gi fir D'Bierger mat anzebannen an dësem esou wichtege Prozessdëst ass leider och am Sand verlaf.

Voilà, an elo di ultimativ Fro: wat geschitt elo mat dësen Decisioun, wéini a wéi gi se ëmgesat? Wat kaschten di eenzel Mesuren? Geet de Budget vu 500.000€ deen der fir 2024 fir de Klimapakt virgesinn hutt – dofir duer?

Mir wëllen hei méi konkret Äntwerten op déi nächst geplangte Schrëtt vun der Majoritéit gesinn.

3) Wat Primmen am Beräich vun de Bauten an der Renovatioun am ökologeschen Beräich betrëfft ass de Bilan, wie all di Joren virdringung bescheiden: esou ass de notifiéiere dëst Joer op 100 000 € erop gesat gi, par contre sin awer just 29 326 € am Joer 2022 ausbezuelte gi? Mir froen all Joer firwat net méi Informatioun a Berodung fir Bierger gemaach gëtt.....hei feelt et un Manpower mee evtl och einfach um Wellen vun der Majoritéit.

Déi gréng froen dofir an **enger Motioun:**

a) E méi konsequente Suivi vu Klima an Naturpakt, dh méi oft a méi reegelméisseg Reunioune matt den Team's , e konkrete Mossnahmeplang mat engem laangfristegen a konkrete Budget deen am Fréijoer soll erstallt gi an een Timing vun alle Moosnamen bis 2030;

b) Des Majoritéit mësch weider mat enger Politik vun Jo,mee.....wéi zb wann et drëm geet fir Ressources humaines zur Dispositioun ze setze fir d'Applikatioun vun de Subsiden am Kader vun Klimapakt, dëst geet just „dans les limites des capacités budgétaires“.(Punkt 3.1)

Déi gréng froe fir endlech „Neel mat Këpp“ ze machen, an nieft den 13 néie Mattarbeschter di elo am Budget virgesinn sin nach 1-2 wieder Mattarbeschter anzestellen an de Fachberäicher Natur a Klima ; eis Gemeng huet nach ëmmer relativ niddreg Personalkäschten: mat 24 % vun ordinäre Budget sinn des wesentlech méi geréng wéi di meescht aner Gemengen am Land

Eng Politik vum JO.MEE.....gëtt och am Beräich vum **erschwénglechen Wunnensbau ëmgesat**: de lokalen Aktiounsplang ass am November gestëmmt gin: op eis Fro hin huet de Schäfferot bestätegt datt de Bauperimeter déi nächst 6 Joer net soll erweidert gi an datt een Paktlogement Team agesat gëtt fir all Moosnamen ze begleeden. Dat fanne mer gutt.

Dësen Aarbechtsgrupp huet vill Aarbecht well de Nohuelbedarf am Schafe vun abordable Wunnraum grouss ass: et gëtt leider op d'Zäit gespillt well eis Gemeng just op déi ëffentlechen Wunnensbauagencen setzt an der Form vun der SNHBM an dem Fonds de logement, dobai sin des 2 ëffentlech Promoteuren iwwerfuert an et ass klor datt vill Zäit verluer geet fir de Programm de virgesinn ass ëmzesetzen.

An och e JO.MEEwann et em Eegeninitiativ geet an eiser Gemeng: firwat huet eise Schäfferot kee Plang fir schützenswäert Haiser an den Duerfkären opzekafen an energeetesch ze renovéieren , fir deene Leit eng Chance ze gi di des brauchen: eeler a jonke Generatiounen fir Colocatiounen, fir Méigeneratiounen.....an fir Flüchtlingen?

Firwat brauche mir esou laang fir eidel Wunnengen an Terrainen ze repertoriéieren an ze valoriséieren;

Firwat gi esou wéineg Wunnengen iwwer d' Gestion locative sociale zur Verfügung gestallt?

E JO,MEE.....dann och fir hei eng Fachkraft anzustellen déi des wichteg Dossier'en ze suivéieren ? Well de Logementsberoder ass wéi d'Wuert et seet just e Beroder, firwat kann eis räich Gemeng sech net ee Fachaarbechter leeschten?

Mir gi och an dësem Kontext eng Motioun zur Ofstëmmung eran

Wou ass d'Ambitioun wann et em Solidaritéit geet an em d'Zesummeliewen ? Wann et dremms geet endlech a punkto Accessibilitéit fir all Bierger weider ze kommen? Hei verstoppt der iech hannert Etuden an de schwéieren Contrainten. Alt erëm eng Politik vum Joo, Mee!

Wéi ass et mat engem reellen Zeechen fir méi Oppenheet fir méi Solidaritéit vav vu Mënschen déi geflücht sinn? Wier eng Struktur fir den Accueil vu Mënschen op der Flucht fir 100-150 Leit net eppes wat eng Gemeng Mamer misst kenne verkraaften?

Ech weess, dir verstoppt iech hannert deenen anere Gemengen an dem Stad a wéi sou oft héieren mer vun iech: mir maachen dat am Kader vun engem nationale Kontext an net op fräiwëlleger Basis. Well iech offensichtlech och hei d'Visioun, d'Verständnis vun der Plus-Value vun enger Diverser a virun allem solidarescher Populatioun feelt. Mir leeën iech dofir nach eng Motioun fir, eng Motioun vun der Solidaritéit, eng Motioun vum JO zu Mënschen op der Flucht eng Motioun vun der Welkommenskultur an dem reelle vivre Ensemble an eiser Gemeng. Wéist eis dass hei keng Politik vum Jo, MEE als Retour kennt.

Huelt är Biergerinnen a Bierger mat, et besti jo duerchaus gutt Usätz an ärem Programm mat der Maison de la Citoyennete, dem Biergerbudget an dem Jugendgemengerot. Och dass d'Veräiner de Chalet bedreiwen an de Chrëschtmaart sou schéin Lieweg ass- ass e gutt Zeechen. Wier et hei net och wichteg emol eng breet Consultatioun mat allen Acteuren vun der Verainswelt an Zivilgesellschaft ze maachen – wéi eng Erwaardungen si un d'Gemeng hunn, wat se brauchen, wat feelt mee villäicht och wat net gutt ukënnt? Fir eng gemeinsam Visioun fir Mamer ze entwéckelen – eng Visioun déi méi wäit geet wéi Fester, Concerten an Animatioun.

Dir Dammen an Hären,

Mir widderhuelen et nach emol, well et wierklech nieft der Ambitiounslosegkeet, dat frappantst ass un dësem Budget.

E weideren Emprunt vu 55 Mio € no deem vu 40 Mio € 2023 an 20,7 Mio € 2022!?! (cf S.8/211)

Dat ass Wansinn! An dat ass eiser Meenung no onverantwortlech. Niewent deenen horrenden Zommen, schockéiert hei de *Pilotage à vue* vum Schäfferot: Ufank 2023 gouf nach am PPF en Emprunt vun

“nëmmen” 25 Mio € fir 2024 ageplangt. Wéi kann ee sech ëm 30 Mio € verschätzen?

De Stand vun der Schold vun 130 Mio € Enn 2024 bedeit e Remboursement fir 2024 vun 8,5 Mio €. Dat sinn iwwert 14,7% vun den uerdentleche Recetten. Zanter bal 20 Joer war et déi deklaréiert Politik vun der CSV-LSAP-Majoritéit fir net iwwert 10% ze kommen. D'Majoritéit huet also déi eegen Zieler net agehalen! Elo gëtt nach just op eng Circulaire vum Inneministère vum 22.5.1992 verwisen, laut där e “Seuil d’alerte” vun 20% net iwwerschritt soll ginn. 20% vu 57 Mio sinn 11,4 Mio. Vill Spillraum bleift also net méi bis och dee Maximum iwwerschritt gëtt. Guer net dovun ze schwätzen dass den Terme vun der Nohaltegkeet och an ärer Finanzplanung e Friemwuert ze sinn schéngt.

Léiw Alleguer,

Nee mir kennen a wëllen dëse Budget net mat stemmen en ass weder inhaltlech ambitiéis, nach nohalteg, an vum verantwortungslosen Ëmgang mat Suen déi d’Gemeng einfach net huet – onverantwortlech an absolut net verhältnisméisseg. Schon als Kand huet ee geleiert dass een net méi Suen ausgi ka wei een huet, dir hei léint Joer fir Joer méi – fir eng Politik vum Protzen statt Kleckern, fir eng Politik vun de Fester an de gëllene Fassaden fir eng Politik ouni Visioun an ouni Gedanken un déi nächst Generatiounen. Den Usproch vun dësem Budget ass just de “Kapp iwwer dem Waasser ze halen”, dat gëtt den Erausforderungen vun der aktueller Krisensituatioun net gerecht.

Jo mir géingen eng aner Politik fir des Gemeng maachen, wou bleift eng konkret Haltung an eng nohalteg a gerecht Zukunftsvisioun fir déi kommend Generatiounen?

E puer konkret Punkte wollte mer awer erauspicken an iech froen, iech deem unzehuelen an se matzestëmmen.

D’Motioun zu den alternative Wunnformen – well dat ass eng ambitiéis Politik fir en extrem wichtege Problem.

D'Motioun zu dem Naturpakt an dem Klimapakt – well hei kéinte mer sou vill besser sinn, loosst eis dach hei probéieren eng Virreider Gemeng ze gi.

D'Motioun zum Accueil vu Mënschen op der Flucht – well si sinn aus onméigleche Konditiounen geflücht fir eng nei Heemecht ze fannen – loosst eis hinnen e mënschewierdegen a liebenswäerten Accueil gi.

Mir soen iech Merci!